ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 27/11/2023

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 9.11.2023

Presenzen

Present	Net present
Lesch Luc	
Losch Gilles	
Malherbe Louis	
Pesch Serge	
Quazzotti Luca	
Sedrani Catherine	
Stocco Mauro	
Vosman Joske	
Winandy Tom	
Wirtz Pascal	
Wirtz Pit	

Punkt 1: Begréissung

Den Tom Winandy, deen den Optrag hat déi éischt Sëtzung vun der Ëmwelt-Kommissioun anzeberuffen, huet déi nei Membere begréisst an huet kuerz de Fonctionnement an d' Aufgab vun der Ëmwelt-Kommissioun erkläert.

Punkt 2: Presenzlëscht

Di eenzel Memberen hunn d'Presenzlëscht ënnerschriwwen. Hei gouf och festgehalen dass den Tom Winandy eng WhatsApp Grupp mecht, sou dass mer intern ënnertenee kënne kommunizéieren.

Helperknapp, 27/11/2023

Punkt 3: Tour de table

Di eenzel Memberen hunn sech virgestallt.

Punkt 4: Wiel vun de Posten (Präsident,Vizepresident a Sekretär)

Et louchë keng Kandidature fir déi 3 Poste fir, an no engem tour de table ass folgend Besetzung erauskomm:

Präsident: Losch Gilles

Vizepresident: Vosman Joske

Sekretär: Winandy Tom

Déi 3 Poste goufen unanime ugeholl. Ausserdeem gouf festgehale falls de Sekretär bei enger Kommissiounssitzung net kéint do sinn, dass dee Moment de Vizepresident dem Sekretär seng Aufgab iwwerhélt.

Punkt 5: Verschiddenes

Verschidden Thema'e goufen ugeschwat an diskutéiert:

- Mir hu kuerz iwwert d' Ëmweltcharta geschwat, sinn awer dunn der Meenung gewiescht dass des éischter an d'Klima an Nohaltegkeetskommissioun gehéiert. De Vosman Joske ass och an dëser Kommissioun vertrueden an kläert dat mat hinnen of.
- D' Groussbotz war dat zweet Thema wat ugeschwat ginn ass. Des soll aktiv vun der Kommissioun matorganiséiert ginn. Di lescht Groussbotz war an Zesummenaarbecht mam Syndicat d'Initiative Tënten, hei soll nach gekläert gi op Sie sech och des Kéier un der Organisatioun bedeelegen. Ausserdeem soll gekuckt ginn a wei enger Form mer d'Kanner mobiliséiert kréie fir un der Groussbotz deelzehuelen.
- Ee leschte Punkt deen diskutéiert ginn ass war den Naturpakt.Hei ass de Wëlle vun der Kommissioun fir bei der Ëmsetzung vum Naturpakt konstruktiv matzeschaffen. De Winandy Tom, deen och Delégueierten vum Sicona ass, freet beim Schäfferot den Accord fir an der nächster Kommissiounssitzung kënnen den Naturpaktberoder vun der Sicona ze invitéieren.Sou kréien d'Kommissiounsmemberen deen néidegen Input fir kënne konstruktiv um Naturpakt matzeschaffen.
- Di nächst Sitzung soll Mëtt Januar sinn a gëtt unhand vun der Disponibilitéit vum Klimapaktberoder festgeluecht.